**Question écrite n°825** - Sujet : Attribution des fréquences radio

**Auteur(s)** : Monsieur Fernand Kartheiser, Député
**Destinataire(s)** : Monsieur Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias
**Date limite de réponse à la question** : 07-02-2015

**Evènement(s) :**

| Date | Description | Liens |
|---|---|---|
| 07-01-2015 | Dépôt de la question | Document écrit de la question |
| 07-02-2015 | Délai de réponse dépassé | |
| 10-02-2015 | Réponse écrite de Monsieur Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Document écrit de la réponse |

**adr**

*ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI*

**Groupe parlementaire**

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 JAN. 2015
825

Lëtzebuerg, den 7. Januar 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dëss parlamentaresch Fro un den Här Kommunikatiouns- a Medieminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg lafen d'Ausschreiwunge fir zwee nei Radiosender, déi op Frequenze sende sollen, déi haaptsächlech duerch d'Ophale vum DNR fräigi sinn. Dobäi sicht de „Service des Médias" fir déi national Frequenz 107,7 e Sender mat engem Programm a franséischer Sprooch.

Ouni der Ausschreiwung vun dëse Frequenze wëlle virzegräifen, wéilt ech awer e puer Froen un den Här Kommunikatiouns- a Medieminister riichten:

1. Ass et richteg, datt de Radiosender, deen déi national Frequenz 107,7 soll kréien, net däerf op Lëtzebuergesch senden a säi Programm muss op Franséisch maachen?
2. Wann dat stëmmt, wéi ass esou eng Decisioun fir e Sender a franséischer Sprooch motivéiert? Wéi verdréit sech esou eng Decisioun mat der Roll vu Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch?
3. Op wéi enger legaler Basis wëll de „Service des Médias et Communications" d'Lëtzebuerger Sprooch géint iwwer aneren discriminéieren ?
4. Vu wem ass déi Decisioun zugonschte vun där franséischer Sprooch a géint déi lëtzebuergesch Sprooch geholl ginn ? Ass dat eng Decisioun op ministeriellem Niveau oder eng vum Mediendéngscht ? Wéi e Minister dréit fir déi Décisioun déi politesch Verantwortung?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications et des Médias

Luxembourg, le 10 février 2015

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
13 FEV. 2015

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation
43 bd Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°: 825 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°: 825 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel

Bureaux
Maison de Cassal

5, rue Large
L-1917 Luxembourg

Tél.: (+352) 247-82167/63
Fax: (+352) 47 56 62

e-mail:
info@mediacom.public.lu

**Äntwert vum Kommunikatiouns a Medienminister, op d'parlamentaresch Ufro 825 vum 7. Januar 2014 vum Här Députéierte Fernand Kartheiser**

1. D'Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert déi elektronesch Medien gesäit vir dass eng ëffentlech Ausschreiwung muss gemaach ginn, wann e neien Radioservice iwwert eng Frequenz mat engem Rayon national zougelooss gëtt.
   Den Appel public fir d'Frequenz 107,7 deen de 6. Januar 2015 publizéiert gouf, seet ausdrécklech, dass et eng Ausschreiwung ass fir e franséischsproochege Programm.

2. Lëtzebuerg huet eng breed Offer u Radioservicer an der Nationalsprooch.E franséischsproochege Programm adresséiert sech un déi grouss franséischsproocheg Communautéit zu Lëtzebuerg, an awer och un déi iwwer 80.000 Fransousen an iwwer 40.000 Belsch, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffen kommen a sech fir d 'Aktualitéit intresséieren vun deem Land wou se all Dag schaffe ginn a wou se hier Steiere bezuelen. D'Lëtzebuergescht als Integratiounssprooch duerch eng zousätzlech Radioschaîne net a Fro gestallt. Am Gesetz vum 24. Februar iwwer de Regime vun de Sproochen ass festgehalen, dass Lëtzebuergesch eis Nationalsprooch ass. Dernieft sinn Franséisch an Däitsch zum Lëtzebuergeschen gläichgestallten Sproochen vun der Verwaltung an der Justiz.

3. De Medieminister als responsabelen Regierungsmember vir den Service des Médias et des Communications refuséiert de Reproche, dass een eng Sprooch géif diskriminéieren.

4. D'Attributioun vun den Lizenzen läit an der Kompetenz vum Medienminister. An dësem Fall ass d'ALIA (Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel) gefrot ginn fir en Avis zu den Kandidaturen ze ginn . Opgrond vun deem Avis gëtt eng Décisioun iwwert d'Attributioun geholl.